



Luxembourg, le 11 mai 2021

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Question parlementaire n°4041 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°4041 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable



Carole Dieschbourg

Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung Carole Dieschbourg op d'parlamentaresch Fro n°4041 vum 7. Abrëll 2021 vun den éierewäerten Députéierten Madamm Carole Hartmann an Här Gilles Baum iwwert d'Offallgestioun

1) Wéi vill Tonnen Offall vun de Kategorien « déchets ménagers, assimilés et encombrants » sinn an de leschte fënnef Joer pro Joer verbrannt ginn, an eng Décharge komm oder hu missen exportéiert ginn?

Folgend Quantitéite vun der Kategorie "déchets municipaux en mélange et déchets encombrants" sinn an de leschte Joer verbrannt ginn, respektiv an eng Decharge komm:

	2014	2015	2016	2017	2018
Déchets municipaux incinérés avec récupération d'énergie (en tonnes)	131'904	156'095	160'579	158'672	161'625
Déchets municipaux mis en décharges (en tonnes)	49'790	25'534	22'371	23'622	22'875

2) Fir de Fall, dass Offall vun de Kategorien « déchets ménagers, assimilés et encombrants » exportéiert ginn ass, fir am Ausland eliminéiert ze ginn, wat waren d'Grënn heifir?

Et gi keng "déchets ménagers, assimilés et encombrants" exportéiert. Den Export vun "déchets municipaux en mélange" ass iwwert den Artikel 16 aus dem Offallgesetz vum 21. Mäerz 2012 verbueden. Nëmmen "en cas de force majeure dûment constatée par le ministre" dierfen dës Offäll an d'Ausland bruecht ginn. Dës Ausnamereegelung huet an deene leschte Joer net missen applizéiert ginn.

3) Wéi vill Tonnen Offall vun de Kategorien « déchets ménagers, assimilés et encombrants » sinn an de leschte fënnef Joer pro Joer ugefall, déi net kënnen verbrannt ginn, mee mussen an eng Décharge kommen?

A priori kennen all "déchets municipaux en mélange et déchets encombrants" esouwuel verbrannt gi wéi och ob eng Decharge kommen.

4) Wéi schätzt d'Madamm Ministesch d'Evolutioun vun de Quantitéite Offall vun de Kategorien « déchets ménagers, assimilés et encombrants », déi all Joer ufalen, iwwer déi nächst 10 Joer an?

Wann een dovun ausgeet, datt an den nächsten 10 Joer d'Quantitéite vun "déchets ménagers, assimilés et encombrants" pro Awunner konstant wäerte bleiwen an eis europäescht Zil vun enger Recyclingsquote vu 60% déi 2030 erreecht muss ginn, wäerten d'Gesamtquantitéiten vun "déchets ménagers, assimilés et encombrants" ënnert de Quantitéite leien déi aktuell ufalen, och wann ee vun engem Wuesstem vun der Populatioun vun zirka 2 % pro Joer ausgeet.

Et kann een dovun ausgoen, datt dëst Zil och realistesch erreecht ka ginn. An der Tëschenzäit si verstärkt separat Asammlungen agefouert ginn an et wäerten och nach weiderer agefouert ginn. Donieft wäert och d'Vermeidung an de Réemploi verstärkt weidgedriwwe ginn.

5) Ginn déi aktuell Kapazitéiten vun der Verbrennungsanlag zu Leideleng an der Décharge Muertendall duer, fir den Offall vun de Kategorien « déchets ménagers, assimilés et encombrants » vun den nächste Joren ze behandelen?

Déi aktuell Kapazitéite vun der Anlag zu Leideleng an der Decharge Muertendall ginn duer, fir "déchets ménagers, assimilés et encombrants" an deenen nächste Joren ze behandelen.

6) Et ass mer zu Ouere komm, dass de Gemengesyndikat SIGRE seng Décharge wäert ausbauen, kann d'Madamm Ministesch dat confirméieren?

De Gemengesyndikat plangt un der véierter Ausbaustuf vun der Decharge.

7) Wéi vill nei Kapazitéiten wäerte sou geschaf ginn? Fir wéi laang gëtt geschat, dass déi zousätzlech Kapazitéiten duerginn?

De Gemengesyndikat SIGRE plangt wuel eng véiert Ausbaustuf vun hirer Decharge, dëst bedeit awer net datt zousätzlech Kapazitéite geschaaft ginn. D'Gesamtkapazitéit vun der Decharge ass an der Geneemegung vum SIGRE festgehalten awer net vun Ufank un amenagéiert ginn. Verschidden Ausbaustufen si virgesi fir déi Fläch wou Offall agebaut gëtt esou kleng ewéi méiglech ze halen. Bei der véierter Ausbaustuf gëtt et drëms ustoend Abaufläch ze amenagéieren a net d'Kapazitéite vun der Decharge ze erhéijen.

8) Wat ass de Käschtepunkt vun dësen Aarbechten? Wéi vill Subsiden ginn an deem Kader iwwer den Ëmweltfong ausbezuelt?

De Käschtepunkt fir dës Aarbechte läit bei ongeféier 10 Mio. Euro. Iwwer den Ëmweltfong kënne maximal 25% vun den Investitiounskäschte fir interkommunal Infrastrukture fir d'Eliminatioun vun "déchets ménagers et assimilés" iwwerholl ginn.

9) Sollen d'Kapazitéiten vun der SIDOR och an den nächste Joren erhéicht ginn?

Ech hu keng Informatiounen, datt de SIDOR d'Kapazitéiten erhéije wëll.